# Schéint Fest zu Wolz

## D'Lilly Schanck-Wilmes feiert hiren 100. Gebuertsdag



**Wolz.** D'Lilly Schanck-Wilmes huet hiren 100. Gebuertsdag mat hirer Famill am Servior Geenzeblei zu Wolz gefeiert. Si ass den 20. Mäerz 1923 zu Wolz op d'Welt komm. Hire Mann war de Marcel Schanck († 17. Februar 1978). Den 3. Juli 1948 sinn si zu Wolz bestuet ginn. An der Scheergaass haten si e Miwwelgeschäft, e Kannergeschäft an eng Schräinerei. Zesumme kruten si dräi Kanner: d'Monique, de Ben an d'Annik. Weider huet si sechs Enkelkanner: d'Anouk, d'Carole, den Alain, d'Christine, de Robert an d'Simone. Mëttlerweil zielen och sechs Urenkelen zur Famill: d'Ania, de Finn, d'Lori, d'Mia, de Louis an de Jamie. Hir Hobbyen sinn Molen, Fotoen, Musek, al Miwwele restauréieren a Gedichter schreiwen. Di ganz Famill wënscht hir nach vill schéi Momenter fir d'Zukunft.

*Ben Schanck via mywort*